



## Assemblée générale ordinaire du 02 mars 2021

### Allocution du président Steve Keipes

Dir Dammen an Dir Hären,  
Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Ech wënschen iech e schéine gudden Owend. Ech wëll iech all perséinlech Merci soen datt Dir lech Zäit geholl hutt fir trotz dem Coronavirus op d'Generalversammlung vun der AGC lauschteren ze kommen. Dat ass an dësen Zäiten net méi selbstverständlech.

Als éischt heeschenech den Här Marc Poos aus der CHFEP wëllkomm.

Natierlech sinn ech och frou datt eise Comitésmember Romain Wolff a sénger Fonktioun als Präsident vun der CHFEP a vun der CGFP de Wee op Dummeldeng fonnt huet.

Doriwwer eraus ass et mer wéi d'läscht Joer eng ganz grouss Freed an Eier fir och den Generalsekretär vun der CGFP, den Steve Heiliger, hei op eiser Generalversammlung kënnen ze begréissen.

Wann ech dann weider duerch de Sall kucken, wëll ech awer déi aktuell an all déi fréier Comitésmemberen déi fir d'AGC vill schaffen respektiv geschafft hunn op dëser Plaz net vergiessen.

Well et de Respekt verlaangt wollt ech fir d'alleréischt op eng Persoun ze schwätze kommen déi eis am läschte Joer fir ëmmer verlooss huet. Gemengt ass den Raymond Hencks. Leider hat ech d'Chance net gehat fir hien kennenzelieren. Ech hu mer awer soe gelooss, datt hien e Gewerkschaftler duerch an duerch war an datt hien d'AGC geprägt huet wéi keen aneren. Och an der CGFP huet en séng Spueren hannerlooss. Ech hoffen datt en d'éiweg Rou an säi Fridden fonnt huet. Fir him ze gedenken, giff ech iech bieden kuerz opzestoen. Ech soen iech Merci!

Ech muss dann feststellen datt mer d'läscht Joer mat eiser Generalversammlung ganz vill Gléck haten. Den 11. Mäerz 2020 hate mer déi hei op dëser Plaz organiséiert. Eng Woch méi spéit war alles zou an eist Ländchen fest am Grëff vun der Covid-19-Pandemie. No dëser Generalversammlung hate mer eis vill virgeholl, mä et konnt nach keen wëssen wat fir e schwéiert a komplizéiert Joer op privatem a gewerkschaftleschem Plang op eis giff duerkommen.

D'AGC huet nom Confinement Enn Mee 2020 rëm ugefaang ze schaffen. Et war eng Videokonferenz op där d'Leit vum Bureau exécutif diskutéiert hunn wéi et soll weidergoen. Wann ee bedenkt datt mer an der Pandemie nëmmen eng Réunioun vun eise Comité konnten organiséieren, dann ass et kloer datt den Bureau exécutif ëmsou méi aktiv war. Dat ass schéin a gutt, mä ech bedauern et ausseruerdentlech datt mer net méi Comitésréunionen konnten duerchféieren, well ménger Meenung no am Comité d'Diskussionen solle geféiert ginn an d'Entscheidungen solle geholl ginn.

Eisen wichtigsten Dossier, d'Formation générale um INAP, wollte mer trotz den Ëmstänn awer um Lafen halen. Et ass mäin perséinlechen Usproch fir eppes an deem Punkt wëllen z'erechen. Ech ginn dovun aus datt méng Matstreider aus dem Bureau exécutif dat och sou gesinn. De Marc Hansen hat eis jo eng Entrevue versprach wa mer eis d'Konzept vum INAP géifen ullauchteren. Dat war schon Enn November 2019 geschitt. Well mer domadder awer net gutt kënne liewen, ass festgehal ginn fir e Bréif opzesetzen an en eegent Konzept vun enger Formation initiale auszeschaffen. Iwwert de Rescht vum läschte Joer hu mer am Bureau exécutif doru gebastelt an den 08. Januar 2021 gouf déi endgülteg Versioun un de Minister Hansen geschéckt. Den Daniel wärd iech de Bréif mi spéit am Détail présentéieren. Erstaunlecherweis krute mer schon den 25. Januar 2021 eng Äntwert aus dem Ministär. Et gouf eis den 19. Abrëll 2021 eng Videokonferenz mam Minister proposéiert. Omfong ass dat genau dat wat mer wollten an duerfir hu mer déi ugeholl. Et dierf een gespannt sinn iwwer wat sech den Marc Hansen dës Kéier wärd opreegen a wat en sech ausgeduecht huet.

Mir hunn awer och eppes Neies an eise Programm erageholl. Mir wollten préife loossen ob d'Artikelen am Statut der Protectioun vum Fonctionnaire hautzedags nach gerecht ginn. Desweideren wollte mer duerch en Avis juridique kläre loossen, wéi e Fonctionnaire sech soll verhalten wann en op sénger Arbecht eppes Illegales feststellt respektiv wann d'Ausféieren vun engem Uerder géint d'Gesetz verstéisst.

Dës 2 Froen betreffen lo net d'Majoritéit vun eise Memberen, mä wann een déi momentan Entwécklung kuckt ass et vläit net schlecht wann een sech do e juristeschen Standpunkt giff froen.

Och d'CGFP huet hir Aktivitéit während dem Confinement Ufank 2020 missen aschränken. Dorënner hunn dann och deelweis d'Manifestatiounen am Kader vun den Walen fir eis Beruffschamber gelidden hunn. Trotz der Situatioun sinn d'Walen awer duerchgeféiert ginn. Wien am Numm vun der AGC an der Beruffschamber sëtzt a wéi d'CGFP am grouse Ganzen ofgeschnidden huet, dat wärd iech den Daniel a séngem Rapport verroden.

Ass et net schon duer gaang datt een mat enger Pandemie ze kämpfen hat, sou hat d'CGFP dann nach d'Gléck fir sech mat engem sture Minister erëmzeklappen. De Fuerderungskatalog deem d'CGFP am Confinement zesummegeallt huet an deem ënner anerem Sonderregelungen fir de Congé gefrot gi sinn an eise Memberen sécherlech eppes bruecht hätt, huet de Marc Hansen kal gelooss. Séng Äntwert war Nee, ouni Grond an Erklärung. Een deem de Marc Hansen schon erlieft huet ass doriwwer net verwonnert, well et fir de Minister nëmmen eng richtig Meenung gëtt: seng eegen. Während der Pandemie hat een awer d'Gefill datt de Marc Hansen vum Minister fir den öffentlechen Déngscht zum Minister géint den öffentlechen Déngscht mutéiert ass. Dat war och de Grond firwat d'CGFP un de Premier Xavier Bettel erugetrueden ass fir an de verschiddeenen Dossier weiderzecommen. Den Xavier huet dat awer net immens interesséiert an huet dem Marc Hansen lo d'Compétence directe ginn fir mat der CGFP ze schwätzen. Also fänkt rëm alles vu vir un! Léiwe Romain, vill Spass am Déiwelskrees, dat gëtt bestëmmt ganz lusteg.

D'Gehälterofkommens vun 2016 ass den 31. Dezember 2020 op en Enn komm. All d'Organisatiounen vun der CGFP déi am Comité fédéral vertruede sinn goufen an der zweeter Hallschent vum Joer 2020 gefrot wat een an d'Verhandlungen fir e neien Accord sollt mathuelen. D'AGC huet dat ganz eescht geholl an huet no enger Ëmfro bei de Leit vum Comité e Bréif mat de Conclusiounen opgesat, deem dann den 27. November 2020 un d'CGFP geschéckt gouf. An deem Bréif schwätze mer eis géint eng Punktwäerterhéijung aus well dat an dësen Zäiten onverantwortlech ass. Well et onsécher Zäiten sinn misst een awer eng kuerz Lafzäit virgesinn. Doniewent fuerdere folgendes:

- 1) D'Digitalisatioun beim Staat misst eng Prioritéit sinn;
- 2) Den Télétravail misst iwwerall do wou et méiglech ass en Recht fir jiddereen sinn;
- 3) D'Protectioun vum Fonctionnaire misst verstärkt ginn. Dobäi gehéiert eng Neifaassung vum Artikel 36, d'Ofschaffen vum Bewäertungssystem an e bessert Virgoen géint Mobbing an arbitraire Décisiounen;
- 4) Den Travail partiel an de Congé sans traitement misste nach méi flexibel ginn;

- 5) Et wär dann och endlech un der Zäit den 3. Pilier an eisen Pensiounsrégime anzeféieren;
- 6) De Recrutement misst méi transparent sinn, zum Beispill mam Aféieren vum Observateur am zweeten Deel vum Staatsexamen, dee meeschtens nëmmen als Interview ofgehale gött;
- 7) Eng besser Formatioun a Begleedung vun de Stagiären;
- 8) A last but not least missten steierlech Moosnahmen ergraff ginn fir eise Leit eng Wunnéng z'erméiglechen respektiv d'Locatiounskäschten niddreg ze halen.

Mir vun der AGC hoffen datt eis Fuerderungen mat an d'Verhandlungen kéinten afléissen. Wann ech richteg verstan hunn stinn déi Verhandlungen awer schon virun engem Ofschloss. Trotzdem wënsche mer der CGFP op alle Fall eng gutt Händchen a mir sinn iwweezeegt datt e gudden Accord dobäi wärd erauskommen.

Den 16. Dezember 2020 war dann e wichtegen Datum fir den Bureau exécutif vun der CGFP. Well d'Mandat vun de 5 Memberen no 4 Joer ofgelaf ass, huet missen gewielt ginn. Deen Dag huet den Comité fédéral sech där Saach am Festsall vum Kolléisch ugeholl. Déi 5 concernéiert Leit waren dann och alleguer nees Kandidat fir e weidert Mandat. D'AGC huet d'Équipe ronderëm den Romain ënnerstëtzt, well mer der Meenung sinn datt si eng gutt Arbecht gemaach hunn. Et war sécher net alles perfekt, mä wee kann datt scho vu sech behaupten. D'Resultat vun der Ofstëmmung war däitlech an huet gewisen datt d'Vertrieder am Comité fédéral zefridde mat de 5 Kandidaten war. Duerfir, léiwe Romain, nach eng Kéier Félicitatiounen nodréiglech fir dech an déng Matstreider. Mir hoffen datt mer dat frëndschaftlecht Mateneen dat mer an de läschten Joeren haten och an Zukunft kënne bäibehalen. Déi Entrevue vum 11. Februar 2021 op där mer eis Dossierën diskutéiert hunn war dozou e gudden Ufank.

Am Comité exécutif vum 14. Oktober 2020 gouf fir di éischte Kéier offiziell eng Vergréisserung vum Bureau exécutif vun der CGFP gefrot. Nodeems duerno am Comité fédéral doriwwer diskutéiert ginn ass, huet deen a sénger Réunioun vum 30. November 2020 mat grousser Majoritéit enger Vergréisserung op 7 Memberen décidéiert. D'AGC huet dat matgedroen, well d'Memberszuelen vun der CGFP di läscht Joeren kräfteg an d'Lut gaangen sinn an och well de Romain sech éischter fir eng Vergréisserung ausgeschwat huet. Natierlech hunn fir sou ee Schratt d'Statuten vun der CGFP missten geännert ginn. Wéi virgesinn huet den 13. Januar 2021 eng Conférence des comités extraordinaire missten aberuff ginn fir iwwert d'Statutenännerung ofzestëmmen. Mat 98 % vun de Stëmmen ass déi ugeholl ginn an d'AGC huet natierlech dofir gestëmmt. Lo wou effektiv 2 Plazen am Bureau vun der CGFP fräi waren, huet nach eng Kéier misse gewielt ginn. Well nëmme Memberen vum Comité exécutif a Fro komm sinn a well sech keen lwweraschungskandidat gemellt huet, huet den Comité fédéral den 10. Februar 2021 den Pascal Ricquier vum SPFP an d'Carmen Jaffke vun der APBCEE gewielt. Fir d'AGC huet et keng grouss Roll gespilt wien gewielt giff ginn. Aus dem Grond konnten eis Déléguéierter fräi an hirem Gefill no wielen. Och wann déi 2 gewielten

Persounen net hei sinn, wëll ech hinnen awer gratuléieren an ech wënschen hinnen nëmmen dat Bescht fir déi Aufgaben déi op si duerkommen.

Wa mer schon bei Walen sinn: Denowend gëtt jo och nach fir eise Comité gewielt. Sou wäit ech weess hu mer trotzdem nach Plaze fräi. Jiddereen deen interesséiert ass, däerf sech gär denowend, per E-Mail oder Telefon bei mir oder engem Comitésmember mellen.

Ganz zum Schluss, léif Kolleginnen a Kollegen, wëll ech iech nach eppes versprechen. Soulaang ech Präsident vun der AGC sinn, wärd ech duerfir suergen datt d'AGC an dëser Pandemie aktiv bleift, egal wéi schlëmm et nach wärd kommen! A wann d'Welt sollt ënnergoen, da nach méi!

Ech soen iech Merci fir Är Opmierksamkeet!